PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 08/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.

De 16te Februar 2021 huet de Mëttelstandsministère op ee Bréif vun der ASBL *Don't forget us* Folgendes geäntwert:

> Il découle de ce qui précède que depuis le début de la pandémie, l'Etat a soutenu financièrement les entreprises relevant du secteur de l'horeca et que la nécessité de faire rétroagir l'aide de contribution aux coûts au mois de mars 2020 laisse d'être établie.

an

> Pour les entreprises dont la perte du chiffre d'affaires se situe entre 30 et 40 pour cent, l'aide de relance apporte souvent un meilleur soutien que la contribution aux coûts non couverts.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Betriber hunn, zënter Juni 2020, eng Demande agereecht, an där si iwwert 40% Perte vum Chiffres d'affaires deklaréiert hunn?
2. Wéi vill Betriber hunn, zënter Juni 2020, eng Demande agereecht, an der se tëscht 25% - 40% Perte vum Chiffres d'affaires deklaréiert hunn?
3. Wéi vill Betriber hunn, zënter Juni 2020, eng Demande agereecht, an där si ënnert 25% Perte vum Chiffres d'affaires deklaréiert hunn?
4. Op wéi engen Donnéeë baséiert de Mëttelstandsminister seng uewen zitéiert Ausso, dass eng Hëllef besser wär wéi dat aanert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député